
Heischter Musik
75
Joër



**4. September 1910**





*„Dem Manne muß die Musik Feuer aus dem Geist schlagen!"*
**Ludwig van Beethoven (1770-1827)**

Musek a Feier waren jo ganz no beieneen an den Ufanksjoeren vun der Heischter Musik. Deemols war daat ganz heefeg an och haut nach gët et di eng oder aaner Pompjesmusek nach. Allerdéngs sin di zwou Aktivitéieten esou grondverschidden an sou spezialiséiert gin, datt et schwéier ass se ënnert een Hutt ze kréien. Daat war zu Heischent jo schon 1929 de Fall an duerfir steet daat Joer als Grënnungsjoer vum heitegen Veräin fest, obwuel schon laang virdrun zu Heischent Musek gemaach gouw.

Och wann d'Ufangsjoeren, ënnerbrach duerch den 2. Weltkrich, net ëmmer einfach waren, hun sech ëmmer nees Idealiste fonnt, déi bereet waren sech fir hier Musek anzesetzen, déi daat Feier vun deem de Beethoven esou schéi geschriwwen huet a sech gespuert hun an och mat hiere Matmënsche deele wollten.

Dank dem onermiddlechen Asaatz och vun hierem laangjähregen Dirigent Pol Wagner, dee vun 1956 bis 1995 am Amt war an an deene Joeren di dreiwend Kraaft vun der musikalescher Entwécklung vun der Heischter Musik war, konnt de Veräin an deene läschte Joeren vill Erfolleger verbuchen.

Net verleeën em nei an originell Iddien, spillt d'Musik zenter 1994 an der Sportshal attraktiv Concerten mat deene verschiddenste Solisten an Ensembelen, mol méi mol maanner exotesch Concerten déi d'Aan an d'Oueren vun sengem Public erfreeën.

Fir d'Zukunft vum Veräin dierwt et de ronn 40 aktive Musikanten och net baang sin, well di 20 Schüler déi d'UGDA- Musikschoul besichen stiechen an de Startlächer. Hei hun di Responsabel vum Veräin zesumme mat de Gemengenautoritéiten vum Schoulsyndikat Esch/Sauer-Heischent dee néidege Wäitbléck bewisen deen sech no a no bezuelt mecht.

Bleiwt mer nach alle Musikantinnen a Musikanten esou wéi och de Comitésmemberen an deene vum Organisatiounscomité vill Succès a Satisfaktioun fir hiere Jubiläum ze wënschen, fir datt daat Feier vun der Begeeschterung nach laang brenne wärt.



*Erna HENNICOT-SCHOEPGES*
**Ministerin fir Kultur, Héichschoulwiesen a Fuerschung**

# GARAGE

NISSAN

## Victor SCHARTZ

Concessionaire Nissan

170, rue de Bastogne

L-9002 ETTELBRUCK / Tél.: 81 26 84-1






# *75 Jor Heischter Musik*

Zënter 1929 ass d' Heischter Musik aus dësem Döerf an aus dëser Gemeng nit méi wegzedenken. An dat nët fir d'lescht, well eng Musik ee wichtige Bestanddeel vun dem Zesummenhalt an enger Döerfgemeinschaft, an esouguer doriwwer eraus, döerstellt. Och haut nach, 75 Jor méi spéit, an deem neien Jorhonnert.

Grad elo as eng gudd Geleegenheet, sech un d' Grënner vun deemols ze erënneren. Döefir, vun dëser Plaaz aus, meng Unerkennung fir de Pionéiergeescht vu fréier, a fir den Engagement vu ville Comitésmemberen an Dirigenten, Musikerinnen a Musiker, déi döerno koumen. Virun allem Äeren éierenamtlichen Asaatz verdingt eis Unerkennung an eis Ënnerstëtzung.

D' Heischter Musik waar iwrigens ni nëmmen eng einfach Fanfare. Si as ëmmer och ee feste Bestanddeel vun all eisem kulturellen a sozialen Leewen geweescht. An hiir Responsabel hun et besonnisch an deene leschte Joren fäerdig bröecht, fir mat innovativen Iddiën op hiire (Gala-)Concertën hiir aktiv Memberen ze motivéieren an eis alleguer ze begeeschteren.

Heimat wollt ech Eech och félicitéieren fir deen ambitiéisen Programm am Kader vun Äerer 75-Jorfeier. Neevt enger Prestatioun vun der renomméierter East Belgian Swing Band an enger Fotosausstellung mengen ech, dat dee geplangten Musiksowend mat allen Nopeschmusiken een Highlight vun Äere Festivitéiten döerstellt.

Ech erlaabe mir op dëser Plaaz am Numm vum Heischter Scheffen- a Gemengerot ee respektvolle Merci lasszegin, ee Merci, deen sich un all fréier an haitig Memberen vun der Heischter Musik adresséiert fir hiiren Asaatz zum Wöel vun eiser Communautéit. Och a mengem eegene Numm wëll ech Eech heimat encouragéieren, mat dem selwéchten Engagement wéi an der Vergaangenheet virunzeföeren.

*Marco Schank*
**député-maire**

# Caisse Raiffeisen

## déi frëndlech Bank

## Feulen

Société coopérative

Adresse agence:
19a, rte de Bastogne
L-9177 Niederfeulen

Tél. 81 80 78
Fax 81 02 13
www.raiffeisen.lu



# *D'Heischter Musek:*
# *« eng Seil am kulturellen Veräinsliewen »*

Wann am Joer 2004 d'"Heischter Musek" hiren 75sten Gebuertsdag feiert, ass dat de Verdengscht vun allen Memberen an Responsabelen déi an däer laanger Zäit dem Veräin trei zur Säit stongen an esou d'Existenz vun 1929 bis haut garantéiert hun.

An all deenen Joeren huet och dëse Veräin Héichten matgemaach, an Déiften iwwerwonnen, munch ekonomesch Kris iwwerstaan, ouni vun dem grousse Wandel ze schwätzen deen all eis Gesellschaften no deem leschte Weltkrich matgemaach hun.

Dësen Anniversaire ass och Geleeënheet fir een Réckbleck ze maachen an sech op ë neits mat den Zielsetzungen vun den Grëndungsmemberen ze befaassen: ët war bestëmmt eng Leeschtung fir 1929 eng Museksgesellschaft ze grënnen an un fonktionnéieren ze kréien, zou enger Zäit wou d'Liewen méi haart, d'Fräizäit méi kuurz an déi finanziell Mëttel méi knapp waren.

Et ass sécherlech gutt, datt ët an eiser moderner Zäit nach Leit gët, déi een groussen Deel vun hirer Fräizäit hirgin, fir selwer musikalesch aktiv ze sin, besonnesch wann ee wees, ewéi vill Idealismus, Disziplin an Asaz erfuerdert ass fir déi kulturell Aufgab vun enger Museksgesellschaft op lokalem an regionalem Plang ze garantéieren.

Trotz hiren 75 Joër ass d'"Heischter Musek" jonk bliwwen, d'Jugendaarbecht, d'Engagement vun den Memberen an Zesummenaarbecht mat den Responsabelen vun der Gemeng an der Musekssschoul vun der UGDA sin den Schlëssel vum Erfolleg an vun der Zukunft.

Mat Respekt an Freed gratuléieren ech am Numm vun der UGDA fir den Gebuertsdag, soë Merci dem Organisatiounskomitee fir säin Engagement, wënschen weiderhin eng gudd Zesummenaarbecht, eng gesechert Zukunft an vill Erfolleg fir d'Feierlechkeeten vum 75sten Anniversaire.

R. Weyl

*Robert WEYLAND*

**Prësident vun der Union Grand-Duc Adolphe**

de Klenge Kach

*restaurant*

Restaurant de l'Auberge de la Gare

45, rue Prince Henri

L-9047 Ettelbruck

Tel. 81 21 80 Fax: 81 82 44

http://klengekach.pauwels.lu

Le restaurant est ouvert

**tous les jours NONSTOP**

de 11:30 à 0:00



# *75 Joër am Dingscht vum sozio-kulturelle Leewen*

Et ass am Kader vum 75ten Anniversaire vun eiser Musikgesellschaft, wou mir déi besonnisch Geleënheet hun äis op de matérielle wéi den idelogischen Ursprung vun eisem Musiksveräin ze besënnen an déi eenzel Momenter respektiv Entwécklungsphase Revue passéieren ze loossen. Et ware virun allem motivéiert an engagéiert Grëndungsmêmbere geweescht déi de Grondsteen fir eis Musik gelöscht hun. D'Weiderbestoën an d'Evolutioun vun esou engem Veräin sin awer nëmme garantéiert, wann iwert déi Joerzingten och weiderhin Leit mat positiv no vir geriichtem Veräinsgeescht spréch Eirepresidenten, Presidenten, Comitésmêmberen, Dirigenten, Musikantinnen an Musikanten souwéi Sympathisanten un dëse Prinzipien festhalen an op hir Réalisatioun bestin. Hinnen all si mir ee grousse Merci schëllig. Hiir Iddie kommen och haut nach voll a ganz zum Droen.

An hire musikalischen Ufänk ass d'Heischter Musik un éischter Stell zesumme mam Pompjeescorps bei Prëssiounen a feierliche Cortègen opgeträden. Séier war awer d'Bestreewe vun den deemolige Musikanten fir sich weider un annere Manifestatiounen ze bedeeligen an ausser Märsch och méi grouss musikalisch Wierker opzeféiren. Dës Entwécklung an d'Striewen no Neiem gëllen och weiderhin als Challenge an hun sich bis haut a kengster Weis geännert. Ganz am Géigendeel, d'Frëndschaft, de Fläiss an d'Disziplin vun all deene virdru genannten Akteure waren a sin de Garant heifir. Dëst beweist eemol méi de sozialen Zesummenhalt vun de Mêmberen mam gemeinsamen Uleies, sich engem Ausdrocksmëttel ze bedingen wat dat mënschlicht Séilen- an Gefillsleewen nët besser kann interpretéiren.

Mä och déi bescht veräinsintern Zesummenarbicht kann op lang Siicht nët zum Weiderbestoe vun enger Musik beidroen, wier do nët deen talentéierte musikalischen Nowös deen Dank deem gut organiséierte Musiksunterricht an äisen Veräin erawiist.

Mat déiwem Respekt an Unerkennung reckbléckend op all dat bis elo Geleeschtent an déi heitig Gegebenheete weiderhin voll ausnotzend, brauch et der Jubilarin nët bang ze sin enger erfreelich positiver Zukunft entgéint ze kucken. Sou bit Sie och weiderhin, Jonken an méi Erförenen eng gemeinsam Plattform fir sich ze begéinen, sich un Neiem ze beräicheren an d'Freed un deem Selwigten ze deelen.

Vun dëser Platz aus wëll ich awer vun der Geleënheet profitéiren eng Rei speziell Mercie lass ze gin:

Merci, eisem jonken an dynamischen Dirigent, dem erweiterten Organisatiounskomité, alle Musikantinnen a Musikanten souwéi alle Mêmberen fir hiirt Engagement fir dëse 75ten Anniversaire;

Merci, eisen dräi Könschtlerinnen, Corinne Goetz, Denise Glodé, Joëlle Breisch-Peters fir d'Entwerfen an d'Originalitéit vum Logo „75 Joër Heischter Musik";

Merci, der Gemeng Heischent, dem Kulturministère an der UGDA fir déi finanziell a matériell Ennerstëtzung.

Letztendlich wëll ich awer all eise Sponsoren an Donnateure souwéi all deene Leit een häerzliche Merci ausdrécken, déi eise Veräin op irgend eng Manéier, sief et finanzieller oder matérieller Natur, ënnerstëtzt hun.

**Mir freën äis zesumme mat Eech dëse 75ten Anniversaire ze feiren,**

*de President,*
**Hermes Serge**




CITROËN

# Autopol S.A.

*Concessionaire Officiel*

CITROËN

**170a, rue de Bastogne**

**Téléphone: 811865-1**

**B.P.105 Ettelbruck**



# *Le mot du chef*

Cette année, le 75e anniversaire de la société a engagé les musiciens à donner la pleine mesure de leur talent.

Très conscientisés, ils ont préparé avec passion et enthousiasme toutes les pièces du répertoire.

Ponctualité et assiduité aux répétitions ont généré un climat de sérénité au sein du groupe.

Aujourd'hui chacun se sent prêt, et c'est avec une très grande joie, mêlée d'un peu de trac, que l'ensemble musical présente ce programme.

Je souhaite à la fanfare de Heiderscheid de poursuivre sa progression, avec sérieux, dans un esprit d'amitié et de convivialité.

Grand Merci à toutes les familles des musiciens.

Merci à tout le comité pour le travail effectué et la confiance accordée.

Merci à tout le public, pour sa fidélité et son soutien.

**Thomas Meunier**

MENUISERIE -EBENISTERIE



HERMES

HERMES

2 Emwee
L-9181 Tadler
Tel : 83 95 52
(83 92 33)
Fax: 89 91 02
E-mail: mehermes@pt.lu

www.menuiserie-Hermes.lu

# Galaconcert 2004

## Programm

| | |
|---|---|
| **THE OPENING** | Gilbert Tinner |
| **MUSIC FOR CELEBRATION** | Gilbert Tinner |
| **BLUE RIDGE AUTUMN** | James L. Hosay |
| **PEER GYNT SUITE #1** | Edvard Grieg<br>arr.: James Curnow |
| **OBLIVION** | Astor Piazzolla<br>arr.: Lorenzo Pusceddu |
| **PIZZICATO POLKA** | Johann Jr. And Joseph Strauss<br>arr.: Mike Hannickel |
| **IMAGINE** | John Lennon<br>arr.: Richard Saucedo |
| **FISH FLEW LIKE BIRDS** | Mike Hannickel |
| **I WAN'NA BE LIKE YOU** | Richard M. and Robert B. Sherman<br>arr.: John Moss |
| **BEST SONGS EVER** | arr.: Roland Kernen |
| **I'M A BELIEVER** | Neil Diamond<br>arr.: Paul Murtha |

***Direktioun: Thomas MEUNIER***

***Entrée fräi***

**CHAUFFAGE SANITAIRE**

**DE FEINEN**
**HEIZUNGSKNECHLER**
(S.à r.l.)



**Tél. 89 92 95**

defeinen@pt.lu

17, an der Huuscht
**L-9150 ESCHDORF**

HÔTEL-RESTAURANT
**BISSEN**
PIZZERIA AM GRONN
(Au Feu de Bois)



Cuisine Française et Italienne à la carte
Plat du jour, Réunion de famille
Pizza à emporter

1, route de Bastogne
**L-9659 Heiderscheidergrund**
**Tél.. +352 26 88 92 91**
**Fax: +352 26 88 92 90**
E-mail: hotelbissen@mum.lu
www.hotelbissen.lu

Reitsportcenter
**FEELENER HECKEN**

Famille Einsweiler-Thill

9, Feelenerhecken
L-9158 FEULEN

Tél. +352 83 93 75
83 97 32

Fax: +352 89 97 27

GILBERT
**MEYER**
Entreprise de construction
anc. Fatone Michel & Cie s. à r.l.
**s. à r.l.**

17A, Op der Schleed
L-9140 Buurschent

**Tél.: 99 05 62**
**Fax: 90 90 61**

Email: gmeyer@pt.lu

**Café**
**beim Francine**



Fir e gudde Patt an eng gudd
Ambiance ass ëmmer gesöergt

**L-8811 BILSCHDREF**
**Tél.. 23 64 02 45**

**Fenster Mersch** s.a.

**L-9641 Brachtenbach 2A**

**Tel.: 99 40 67 - 1**
**Fax: 99 42 74**

**E-Mail: fenmer@pt.lu**

MADE IN LUXEMBOURG

**Fenêtres en bois et bois-alu**

**Portes extérieures**
**Persiennes**

**www.fenstermersch.lu**

**Christiane SPINA**

**D'coiffeuse**

**Lundi: fermé**
**Mardi:** 8h30-12h00/13h30-18h00
**Mercredi:** 8h30-12h00/13h30-18h00
**Jeudi: 8h30-12h00**
**13h30-20h00**
**Vendredi:** 8h30-12h00/13h30-18h00
**Samedi:** 7h30-16h00

9, Zone Industrielle
L-9166 MERTZIG
Tél: **88 91 65**

# *EAST BELGIAN SWING BAND*

Dën **2. Abrëll 2004** hu mir déi bekannten **EAST BELGIAN SWING BAND** zu **Heischent am Sport- a Kulturzentrum** op Besuch.

Um Programm steet déi gesamt Palette vum Big Band Jazz.

Bekannt Melodien, raffinéiert Improvisatiounen an engt modernt Klangbild garantéieren een usprochsvollen an oofweesslungsräiche Programm.

*"SWING AND MODERN BIG BAND SOUND"* dëst ass d'Resultat vun der gudder Zesummenaarbicht zwëschent de Musiker an hiirem musikalischen Direkter, dem Guido Jardon, deen zu der éischter Garde vun de belsche Solisten gehéiert, souwöl an de Beräicher Klassik wéi Jazz.

**Verpasst dëst musikalischt Evénement nët**
**a réservéiert Eech elo schons den Owend vum 2. Abrëll 2004**

***Ufank um 20:00 Auer.***



REITSTALL
LEPPSCHTERHAFF

ESCHDORF

Tél. 021 276 001
Prop.: Fam. ZEIEN-SCHINNERT

enco·tec
ENGINEERING | CONTRACTING | TECHNOLOGIES

Installations multi-techniques

Spécialiste en Photovoltaïque

3,rue de l'Industrie
L-1811 Luxembourg
Tél. 27 62 27-1

LA LUXEMBOURGEOISE
Société Anonyme d'Assurances

Agence 810
Paul DESBORDES

1, route de Diekirch
L-9455 FOUHREN
TéL./Fax: 83 43 30

Agence 1557
Jean-Marie DESBORDES

Growelterwee 4
L-9674 NOCHER-ROUTE
Tél.: 95 96 08

OPTIQUE
wirtz

DIEKIRCH
GREVENMACHER
ECHTERNACH

# *D'Musik vun Heischent invitéiert Eech op hiir Photoausstellung*

déi zu Heischent um Gemengebau vum

## 23.Abrëll – 16.Mee 2004

stattfënnt



eng Austellung, déi alles weist;

Personnagen, Musikantinnen a Musikanten, Momenter an Evenementer aus dem 75-jährige Veräinsleewe losse mir hei Revue passéiren



Kommt einfach kucken, diir fannt bestëmmt déi eng oder anner schéin Erënnerung.

Dës Ausstellung gët zesumme mam Syndicat d'Initiative vun Heischent organiséiert.

**AGROTECHNIC**

**L-9175 NIEDERFEULEN**

Tél.: +352 **81 27 31**
Fax: +352 **81 74 27**

*Tout pour l'agriculture, l'industrie et la forêt*

# R.Thill

*Le Pro pour animaux*

**Etablissements R. Thill** s.à r.l.
Bohey, 9 L-9647 Doncols

Tél.: +352 **95 81 87**
Fax: +352 **95 76 24**

www.r-thill.lu r-thill@pt.lu

*Ouvert tous les jours, sauf lundi.*

# PIANOS ELSEN

Internet: www.pianoselsen.lu
E-mail: pianoels@pt.lu

2, route de Cruchten tel: 859717
L-7738 COLMAR-PONT

Le seul fabricant de pianos au Luxembourg



Représentation de
**Steinway & Sons**

Vente
Location-Leasing
Location pour Concerts
Réparations
Accordages

# ELMA services

**Pneus • Amortisseurs • Echappements**
**Batteries • Vidange**

7, rue Principale
**L-8805 RAMBROUCH**

Tél.: +352 **26 61 55 49**
Fax: +352 **26 61 55 59**

# De Landschafts Gärtner



Kaufmann J.M.
2, rue de la chapelle
L-8835 Folschette
Tél/Fax. :23 620 646

# MOLA

**FACADES • RESTAURATIONS • MOULAGES D'ART**

L- 9053 ETTELBRUCK

**Tél.: 81 23 39 • Fax: 81 78 42**

# *Journée des anciens*

**Bei engem gudde Menu an**
**engem gudde Patt**
**wëllen déi heitig Musikanten**
**mat hiire Kollegen**
**déi leider net méi an der Musik sënn**
**e puer gemittlech Stonne verbréngen.**



*D'Strëpp vun der Ettelbrécker Musik*
*söergt fiir dee musikalischen Deel*
*vun dësem Daag.*

**Dëse Rendez-vous ass:**



## *den 9. Mee 2004*

## Zu Heischent am Sport-an Kulturzentrum

Florilux GARDEN

**PEPINIERE ORNEMENTALE**

**ARBRES FRUITIERS**

**ROSIERS**

**VIVACES**

**Ets Collard-David J.**

Bras 12A • B-6600 **Bastogne**

Tél. & fax (061) **21 39 93**

VERBONNEN MAT ENGEM FLOTTEN TOUR
E GUDDE MAUFEL AM HOTEL DE LA SURE

zënter 34 Joër

★★★★ Hotel DE LA SÛRE
Restaurant COMTE GODEFROY

1, rue du Pont

L-9650 **ESCH-SUR-SÛRE**

Tél. 83 91 10 Fax 89 91 01

*Internet: www.hotel-de-la-sure.lu*
*E-mail: info@hotel-de-la-sure.lu*

Logis GD de Luxembourg

Entente des Hôtels-Restaurants Ardennes-Haute-Sûre Luxembourgeoises "Randonnées sans Bagages" "Wandern ohne Gepäck"



*Nature et solitude*

Album de ses oeuvres

Format: 24/30

PRIX: 90 Euro

**THEOPHILE STEFFEN**

artiste-peintre

tél.: **99 07 91**

**BOISSONS WALLERS**
S.A.



Tél. 89 90 62
Fax 89 94 71

**HEIDERSCHEID**

*Äre Partner fir Busreesen!*



*Autocars Schiltz*

***Tél.: 95 75 37***

**Garage**
**SCHILTZ**
**WILTZ**

Ford

**Kühllagerbau - Montagebau**

**Heinrich Moos**

Bitburger Straße 19 • 54309 Newel
Telefon 0 65 05 / 9 50 34 • Telefax 0 65 05 / 9 50 67
Mobil: 0049 170 7318334
e-mail: kuehllagerbaumoos@t-online.de
http://ww.kuehllagerbaumoos.de

**folgende Arbeiten werden zuverlässig von unseren Mitarbeitern ausgeführt:**

- **Lieferung und Montage** nach Maß von Schlüsselfertigen Tiefkühlzellen und Kühlzellen
- **Sanierung** von Kühlhäusern
- **Trockenausbau**
- **Polypal Regalsysteme**
- **Lieferung und Montage, Reperatur und Instandsetzung** von Tiefkühlhaustüren, Kühlhaustüren und Betriebsraumtüren aus Edelstahl, Alu und Blech (lackiert)

# *Musikalischen Owend mat den Nopeschmusiken*





**Fir de 75. Gebuertsdaag sou richtig musikalisch ze feieren invitéiere mer Eech den**

# *29. Mee 2004*

**op Heischent an de Sport- a Kulturzentrum op een Owend mat den "Nopeschmusiken"**



***Hei spillen d'Musike vu***
***Feelen, Wahl, Mertzig, Eschdöerf, Esch-Sauer an Heischent zesummen e Concert deen esou séier net vergeess wäert ginn.***

**CAMPING**

Le Moulin

**TEL. 83 90 90**
**FAX 89 90 93**

**Heiderscheidergrund**

**ENTREPRISE DE TOITURE**

DEN DAACHDECKER S.A.R.L.

15, route d'Ettelbruck
**MICHELBUCH**

Tél.: 88 80 95
Fax: 88 80 97

**Tél.: 95 82 16**

MAZOUT BERENS

**MAZOUT**
**BERENS S.A.**

Z.I. Salzbaach • B.P. 16
**L-9501 WILTZ**

CONSEILLER À LA SÉCURITÉ

**Fax: 95 07 29**

HUSTING & REISER SA

**TRAVAUX PRIVES ET PUBLICS**
**MATERIAUX DE CONSTRUCTION**
**AMENAGEMENT ALENTOURS**
**SERVICE CONTAINER**

13, rue d'Ell
L-8509 REDANGE-ATTERT
Tél. 23 62 10 75
Fax 23 62 93 39
**www.husting@pt.lu**

SHELL THERMO PREMIUM

*Salon Jeannot*

COIFFEUR POUR HOMMES

24, rue Dr. Herr
**L-9048 ETTELBRUCK**
Tél.: 81 75 28

Ouvert: 8:00-12:00 hrs
13.00 - 18:00 hrs
Mercredi et samedi sur rendez-vous
**LUNDI FERME**

**GARAGE SCHEUREN**

Réparations toutes marques
Mécanique et carrosserie
Entretiens toutes marques

8, Haaptstross
L-9163 KEHMEN
**Tél: 99 01 15**

www.
**wagner-schaffner.lu**

Tel.: +352 / 812442-1 • Fax.: +352 / 817158

Chauffage • Sanitaire • Depannage
Ventilation • Regulation • Climatisation

FDi Digital Service
Fujifilm Digital Imaging

**Photo Dichter**
Diekrich

13, Grand Rue
L-9240 DIEKIRCH
Tel: 803265
www.dichter.lu

New
1 Hour Service

*Une Nouvelle Ere commence . . .*



SCHAUS
Installations électriques s.a.

ZONE INDUSTRIELLE
**L-9085 ETTELBRUCK**

TELEPHONE **81 77 44-1**
TELEFAX **81 83 68**

**www.schaus.lu**

E-mail: schaus@schaus.lu



SOMMER
2004

SIZILIEN, BODENSEE, OSTSEE-KREUZFAHRT, LAC D'ANNECY, SPANIENRUNDREISE, BAD ISCHL, NORWEGEN, NORDSEEKÜSTE, SCHATZKAMMERRUMÄNIEN, GROSSARL, SCHOTTLAND, LAGO MAGGIORE, TOSKANA, MERAN, ST.GALLENKIRCH, SARDINIEN-RUNDFAHRT, SÜDAFRIKA

BIKEFANS AUFGEPASST:
MOUNTAINBIKE TRIP NACH ISCHGL
DONAU RADREISE PASSAU - WIEN

BESUCHEN SIE UNS: VAKANZ 2004
STAND No:
WIR BERATEN SIE GERN!

Fax: 236 200 55
Tél: 236 222-1
voyages unsen
www.unsen.lu
info@unsen.lu

meubles
MELSEN

60, rte de Bastogne
L-9176 NIEDERFEULEN
Tél 812 850
Fax 812 087
melsen@melsen.lu
www.melsen.lu

melsen
LE MENUISIER



# Hôtel–Restaurant
# BRAAS

**ESCHDORF, GR.-D. DE LUXEMBOURG**

**www.hotel-braas.lu info@hotel-braas.lu**

**1, an Haesbich L-9150 ESCHDORF**
**Tél : 83.92.13 Fax : 83.95.78**

**Den Hotel ass op vum Februar bis Dezember.**
**De Restaurant ass Méindes owes an Dënsches de ganzen Dag zou.**

**Mir servéiren mëttes e Menu du jour vun Méindes bis Samschdes**

**Am Restaurant, servéiren mir « à la carte » vun 12$^{00}$ bis 14$^{00}$ an 18$^{30}$ bis 21$^{00}$**

Logis GD de Luxembourg


www.FUUSSEKAUL.lu
RESTAURANT "BEIM PIER"
- Traiteur
- Tagesmenü
- A la Carte
Tel.: 83 96 58 - Fax: 26 88 93 60
beimpier@pt.lu
Beim Fiisschen
Vermietung und Verkauf von Reisemobilen und Wohnwagen.
Geschäft mit Campingzubehör.
Spezialist für Wasserbetten.
Tel.: 26 88 94 33 - Fax: 26 88 94 32
info@beim-fiisschen.lu


www.FUUSSEKAUL.lu
Camping Fuussekaul
Verkauf und Vermietung von
Chalets und Mobilheime.
Tel.: 26 88 88 88 - 1 - Fax: 26 88 88 - 28
info@fuussekaul.lu
Centre de Beauté Cleopatra
Fischbach Stephanie
Tel: 021 51 39 22
Sauna "an der Bidden"
Pickard Micka
Tel.: 89 95 02




# Friture Foxburger

## Fuussekaul

**L-9156 HEIDERSCHEID**

**www.fuussekaul.lu**

# *Impressiounen aus enger Musiksprouf*





















René MAJERUS, Fernand KIRSCH , Willy DEMUTH, Danielle SLIEPEN-GLODÉ, Tom SLIEPEN, Joe THULL, John SLIEPEN
WISELER, Carole KIRSCH, Denise GLODÉ, Joëlle BREISCH-PETERS, Linda PAX, Elise BERKEL, Diane SLIEPEN, Nadine M
RES, Pierre GOETZ, Hans PETERS, Pol WAGNER, Jean-Marie GLODÉ, Claude WINANDY, Jos MAJERUS, Joe WALLERS, M

Et feelen: Jeff AGNES, Roby FEINEN, Carlo GLEIS, Pierre POULL, Georges WEYER a Pol WINANDY




ıomas MEUNIER, Malou ESCH-GOETZ, Monique GLEIS, Claudine WINANDY-MOLITOR, Jeanny STORN-KEISER, Joëlle
ERUS, Anne MOUSEL, Henri BRACK, Jean HERMES, Olivier MABILLE, Daniel KIRSCH, Serge HERMES, Alain LAU-
èle BRACK, Carlo WINANDY.

# *Ausschnëtter vun e pöer flotte Manifestatiounen*









# Dëse Gala-Concert spillen

## Clarinettes

Elise BERKEL
Joëlle BREISCH-PETERS
Linda PAX
Marie-Jeanne STORN-KEISER

## Flutes

Stéphanie DEGRAVE
Nadine MAJERUS
France MEUNIER
Anne MOUSEL
Diane SLIEPEN

## Saxophone Sopran

Fernand MEUNIER

## Saxophones Alto

Jeff AGNES
Monique GLEIS
Carole KIRSCH
Claudine MOLITOR
Joëlle WISELER

## Bugles

Willy DEMUTH
René MAJERUS
Danielle SLIEPEN-GLODE

## Pistons

Fernand KIRSCH
Yves MARENNE
Tom SLIEPEN
Joe THULL

## Saxophone Tenor

Denise GLODE

## Cors

Marc PLETGEN
Pierre POULL
Paul WAGNER

## Barytons

Roby FEINEN
Jean-Marie GLODE
Joé WALLERS
Claude WINANDY

## Tubas

Michèle BRACK
Serge HERMES
Carlo WINANDY

## Trombones

Carlo GLEIS
Aly SCHARTZ

## Saxophone Baryton

Alain LAURES

## Basses

Pierre GOETZ
Henri PETERS

## Batterie/Percussion

Pierre-Emmanuel AUBRY
Dorothée BAVAYE
Thierry BOUILLET
Daniel KIRSCH
Olivier MABILLE



NORD MAZOUT

**NORD MAZOUT S.A.**
6, Route d'Arlon
L-9180 OBERFEULEN
Tél.: 26 81 32 31
Fax: 26 81 32 33




**HOT LINE 7/7 091/81 32 31**

**POLAR MAZOUT iwwert d'ganzt Joër liwwerbar.**

*Bequem op de Mount bezuelen... Fir eis... kee Problem*

TRAVAUX DE TOITURE

**nagel patrick**

**Couvreurs**
**Ramonage**
**Echafaudage**
**Toiture**
**Matériel de toiture**

info@nagel.lu • www.nagel.lu

L-9835 HOSCHEID-DICKT
**Tél.: 99 04 10**
**Fax: 90 91 38**

# BEIM BURG
s.à r.l.




26, Groussgaass
L-9530 **WILTZ**

Tél. 95 81 24 Wiltz
Tél. 26 88 93 44 Tadler
Tél. 95 75 25 Eschweiler

# Ferronnerie d'Art
## Charles Steichen

**Travaux en acier, inox, laiton, tous travaux en fer forgé**
**Rampes d'escaliers, Portails de jardin**
**Grilles de fenêtres, Boîtes aux lettres**
**Réparations et restaurations**



2, Haaptstrooss
**L-9182 SCHEIDEL**

**Tél.: 990 125** **Fax: 990 679**

Garage
M. BIVER s.à r.l.
Audi
Depannage jour et nuit
32, route d'Erpeldange
L-9518 WEIDINGEN
Tél.: 95 81 48
Fax: 95 78 77
www.volkswagen.lu

NATURPARK-HOTEL
ZEIMEN
• Hôtel • Restaurant
• Café • Party-Service
Famille
Erny ZEIMEN-GELHAUSEN
L-9662 KAUNDORF
2, am Enneschtduerf
Tél.: 89 92 21 / 83 91 72
Fax: 83 95 73

CLIMATISATION
CHAUFFAGE
SANITAIRE
SAUNA
SOLARIUM
KAISER
PRATZ/BETTBORN
www.kaiser.lu
Tél. 23 62 05 66
Fax. 23 62 05 67

ENTREPRISE DE TOITURE
WELTER JEANNOT
10, route d'Arlon
L-9180 OBERFEULEN
Email: j.welter@cmdnet.lu
GSM 021 148 941
Tél. 81 28 26
Fax 26 81 01 32

CAMPING
BISSEN
L-9659
Heiderscheidergrund

Tél. 83 90 04
Fax 83 96 47

DUMONG
LOCATION DE PORCELAINE
Nous pouvons mettre à votre disposition toute une gamme de vaisselle et de verre haut de gamme pour des festivités allant jusqu'à **1000** personnes.
documentation complète
sur simple demande
VILLEROY & BOCH
Tél.: 81 81 72
Fax: 81 79 30
Place du Marché
L-9010 ETTELBRUCK

INTERCOIFFURE

**Carine**

**Heures d'ouvertures:**

Mardi à Jeudi: 8:30 - 12:00 et 13:30 - 18:00 hrs

Vendredi: 8:30 - 12:00 et 13:30 - 20:00 hrs

Samedi: 8:00 - 16:30 hrs (sans interruption)

sur rendez-vous

26, rue Dr. Herr

L 9048 ETTELBRUCK

**Tél.: 81 79 49**



Hotel Restaurant

SchumanN

L-9678 **NOTHUM**

Tél.: (352) 95 80 79

Plat du jour et à la carte

Fermé le mardi soir et le mercredi

**ENTREPRISE DE PEINTURE**

**JOS. FELTUS**

22, Grand-rue

L-9530 **WILTZ**

Tél.: **95 88 42** Fax 95 90 59

14, avenue J.F. Kennedy

L-9053 **ETTELBRUCK**

Tél.: **81 94 14** Fax 81 79 53



Café

**Am Duerf**

Beim LEO

**Restaurant • Café • Kelebunn**

2, Montée du Knapp

L-9175 Niederfeulen

Tél.: +352 81 72 48

Fax: +352 81 09 72

**Méindes ass zou.**



Café

**Am Hennesbau**

Dënschdes-Freides:

14.00 - 1.00 Auer

Samsdes a Sonndes:

10.00 - 1.00 Auer

LEO G.m.b.H.

**Niederfeulen**

Petite Restauration

**Tél.: 81 75 94**

**Charpente**

**THERRES G.**

5, Duerfstrooss

**L-9644 DAHL**

Tél. 89 93 66

Fax 89 94 09

www.charpente.lu

**BRAKES & PARTS**

CENTER s.à r.l.



TOUTES PIÈCES VOITURES

ET CARROSSERIE

HUILE PENNZOIL

**Z.I. L-7526 MERSCH**

**Tél. 32 72 88-89**

# *D'Chronik vun der Heischter Musik*

**1908** Déi Heischter Pompjen hun eng Equipe vun 5 «Claironsbléiser» op d'Been gesat: Charles Kellen, Henri Glodé, Théodore Simon, Jean-Pierre Wiltgen a Jean Winandy. D'Märsch oder déi sougenannte Pompjesmärsch gi mam Jean-Pierre Klein vun Esch-Sauer geprouft. Fir op Esch-Sauer an d'Prouf ze kommen fiert jidderee mam Velo.

**1926** D'Famill Kieffer plënnert vu Colmar-Berg op Heischent. Dee jonke Mathias Kieffer, dee schon zu Colmar-Berg musikalisch aktiv ass, kënnt op Heischent an d'Pompjen a schléisst sich der Musikséquipe un. Vun deem Moment un hällt hee Prouwen. Well déi Zort vu Musik him eewer net döergeet, grënnt heen eng Blosmusik.

**1927** De Cortège vun der 1. Kommiounsfeier geet an d'Kiirch an d'Musik spillt eng Melodie mat dräi Pistonën. Zwéi Pistonën an ee Baryton se Privatinstrumenter. Et gëtt een Tuba kaaft. D'Grondbegrëffer vun der Musik se séier verstann an et kann direkt mat de Prouwen ugefong ginn. Déi éischt richtig Musiksprouf ass op Christihimmelfahrtsdaag. D'Prouf ass besaat duerch: 1. Piston: Mathias Kieffer; 2. Piston: Théodore Simon.; 1. Baryton: Jean Winandy; 1. Tuba: Hubert Bartholmy; Kleng Tromm: Jean-Pierre Gross.

Op Kiirmessonndig gëtt den Hämmelsmarsch fir d'éischt gespillt. Dee selwichten Owend gëtt och Theater gespillt an zwar «De Kommissär kennt». Während dem Theaterstéck begleet de Mathias Kieffer déi eenzel Lidder um Piston.

D'Pompjen an d'Musik stinn sich ganz no an doduerch kënne vill Optrëtter méi attraktiv gestallt ginn. Och fir d'Jugend aus dem Döerf gëtt et méi intressant fir sich an d'Pompjen ze melden. Den Erléis vu Kiirmessonndig gëtt geholl fir nei Instrumenter ze kaafen, en Alto fir de Jean-Pierre Wiltgen an ee Bombardon mib fir den Henri Glodé. Déi zwee Instrumenter kaschten zesummen 500 Frang.

Elo ass de richtigen Ufank gemeet an d'Jugend intresséiert sich direkt ganz staark fir déi nei Aktivitéit am Döerf. Et kommen direkt 8 nei Memberen an d'Musik. Eenzel nei Membere kaafen sich selwer en Instrument, déi anner Instrumenter gi vun de Pompje kaaft. Well d'Musik nach göer keng Musiksstécker höet, ginn déi bei der Esch-Saurer Musik ausgeléint.

**1928** Elo senn et 14 Musikanten. Bei der Hochzäit Krack-Welter trëtt d'Musik fir d'éischt an der Öffentlichkeet op. Als Prëssiounsmarsch gëtt de "Gloria Maria" gespillt an döerno den "Ulanenmarsch". De "Gloria Maria" ass daat éischt eegent Musiksstéck. Well d'Musik keng déck Tromm höet, gëtt fir all Optrëtt eng geléint.
Enn 1928 senn d'Pompjen dermatt averstann fir daat esou wichtigt Instrument «déck Tromm» ze kaafen. D'Tromm gëtt zu Arel kaaft, si gëtt op de Réck geholl a mam Velo heemgefouert.

**1929** Fir d'Döerflett ass et ëmmer rëm schéin wann dee 50-Mann starke Pompjescorps sich musikalisch un enger Feier bedeeligt.

No de Bestëmmunge vun de Statuten däerf d'Musik nëmmen bei enger Feier deelhöelen wann de ganze Pompjescorps mattmécht. Ennert deenen Emstänn ass et der Musik nët méiglich e Concert ze spillen. D'Musikanten wëllen eewer méi wéi nëmme Märsch spillen an döerfir trennen se sich vun de Pompjen a maache sich selbstständnig.

**1930** Well Sue gebraucht ginn, gëtt rëm Theater gespillt. Et gi Reklamme gesammelt fir Plakater ze maachen déi d'Theaterstéck «Staffels Bertha» ukënnigen.

**1931** An der Generalversammlung vum 18. November beschléisse 15 Lett eng Musiksgesellschaft mam Numm «Cäcilia» Heischent ze grënden. An de Comité ginn ernannt: Hubert Bartholmy, President; Jean-Pierre Wiltgen, Vize-President; Henri Glodé, Sekretär; Albert Welter, Caissier; Mathias Kieffer, Archivar.

Kuerz döerno gëtt e Fändel fir d'Musik bei der Firma Bernard-Kauffmann zu Letzebuerg bestallt. Präis vum Fändel: 4000 Frang. D'Musikante kréie Kaape vu 25 Frang/Stéck.



O. R. Glodé Henri, Kirsch J. P., Barthelmy N., Moris Jean, Welter Alb. Schroeder Et.
2. R. Pull J. P., Bleser J. P., Kirsch W. Reisch Emile, Winandy J. P., Thom Georges
3. R. Lutgen Ed., Cloos Louis, Conrad Ant., Meyer J. P., Kneip Jean, Draut Math.
U. R. Frères Fr., Wiltgen J.P., Bartholmy Hub., Kieffer Metty, Simon Theod., Wilmes Erny

**1932** Am Januar ass Groußherzoginsgebuertsdaag. Bei däer Geleeënheet geet d'Musik fir d'éischt an hirer neier Form am Cortège duerch d'Döerf.

De 7. Februar gëtt d'Theaterstéck «Doheem net wöel, néiere wöel» gespillt.

Wäißen Ouschterdaag ginn d'Kommiounskanner beim Porhaus ofgeholl a vun der Musik an d'Kiirch begleet.

Den 1. Mee gëtt de Fändel geweiht: Moies um Daag vun de Feierlichkeete gëtt de Fändel beim Veräinsbau ofgeholl an an d'Kiirch geleet, wou e geseent gëtt. Mëttes kréien d'Döerflett de Fändel gewiss fir döerno zesummen matt de Pompjen am Cortège duerch d'ganzt Döerf ze gouen.

Méi spéit geet d'Musik zu Fouss op Réngel-Toodler fir do e Concert ze spillen. Si gi vum lokale Gesank empfong.

Juni: Bedeeligung vun der Musik un der Abschiedsfeier vum Här Paschtouer N. Lommel souwéi un der Installatioun vum Här Paschtouer Jean-Pierre Hein. D'Ovatioun gëtt mat engem Concert beim Porhaus verschéinert.

Den éischten auswäertigen Optrëtt höet de neie Veräin de 5. Juni zu Medernach.

Kiirmessondig. Am Nomëttig spillt d'Heischter Musik e festliche Concert an owes gëtt Theater gespillt. Nokiirmessondig gëtt och e Concert gespillt.

**1933** D'Musik bedeeligt sich u villen auswärtige Festlichkeeten: Blummecorso zu Ettelbréck; Fändelweih vun der Esch-Saurer Musik. Et weist alles op eng gudd Zesummenaarbicht hën, mee Enn des Joers kënnt et zu gréissere Meenungsverschiddenheeten am Veräin.

An der Joeresversammlung kënnt den Théodore Simon als Bäisëtzenden an de Comité.

**1934** 23. Januar Groußherzoginsgebuertsdaag.

25-jährigt Stëftungsfest vun den Heischter Pompjen. Um Viirowend geet e Fakelzuch duerch daat schnéibedeckt Heischent. Moies geet d'Musik am Marsch an d'Kiirch fir um Te Deum deelzehöelen. Owes spillen d'Pompjen Theater an d'Musik spillt Orchester derbäi.

Nodeems dräi Comitésmemberen hir Deemissioun ginn hun, ass de Comité nët méi beschlossfähig.

9. März. Außeröerdentlich Generalversammlung mat Neiwahl vum Comité. President: Hubert Bartholmy, Vizepresident: Michel Barthelmy, Sekretär: Jean-Pierre Winandy, Caissier: Albert Welter, Bäisëtzenden: Théodore Simon, neien Dirigent: Ernest Wilmes.

15. Mäerz. D'Pompjen froen hir Instrumenter rëm, stellen der Musik se eewer zur Verfügung ënnert folgende Konditiounen: d'Musik muss d'Pompjen op Groußherzoginsgebuertsdaag begleeden, bei der Kantonalversammlung muss se derbäi senn esou wéi och op all Begreefnis vun engem Pompjee.

21. Mäerz: Well an deenen 3 leschte Prouwen 9 aktiv Memberen nët present waren ginn se vläicht e bëssen iwerstierzt aus der Gesellschaft erausgehäit.

Zesumme mam Gesank gëtt en Ausfluch op Kloster Bisdorf (Däitschland) gemeet.

22. Juli: Bedeeligung un der Fändelweih vun de Kehmener Pompjen.

28. Oktober: Eierung vum neie Gemengerot Théodore Simon.

5. November: Fir Cäciliendaag gëtt rëm Theater gespillt. D'Stéck heescht «De Professer Véiereck»

Et kommen nei Memberen an d'Musik: Jean-Pierre Deltgen, Théodore Winandy, Valentin Winandy.



*v.l.n.r. HARPES Nicolas, KIRSCH Jean-Pierre, DELTGEN Jean-Pierre, WINANDY Valentin, WELTER Albert, WINANDY Théodore, CONRAD Antoine, SCHULLER Jos, SIMON Théodore, THOM Georges, WINANDY Jean-Pierre, PULL Jean-Pierre, BARTHELMY Michel, FRERES Franz, WILMES Ernest, BARTHOLMY Hubert viir: KIRSCH Emile, GLODE Michel*

**1935** Fir d'Föesend spillt d'Musik d'Theaterstécker: «Papa kocht» an «Den Antialkoholiker».

Föesméindig. Emzug duerch d'Döerf.

Bedeeligung um 75-jährige Stëftungsfest vun der Musik zu Grousbus.

Weider Aktivitéite senn de Kiirmesconcert, d'Patronatsfeier en Theaterowend an en Eessen op Sylvester am Café Pull.
Et kommen nei Memberen bäi: Jos Schuller, Emile Kirsch, Michel Glodé.

**1936** Et kommen nei Memberen bäi: Jos Einsweiler, André Rodenbour, Nic Glod, Jean-Pierre Turpel.

D'Musik höet lo 23 Memberen.

Bedeeligung un der Klackeweih zu Mëttscheed, uschléissend Concert. Fir d'éischt no hirer Grëndung mécht d'Musik eleng e besse méi ee groussen Ausfluch. Mam Bus geet d'Rees iwer Ettelbréck an d'Fels, duerch de Mëllerdall iwer Eechternach, Gréiwemaacher, Réimich a Mondorf.

Theater: "d'Artiste vu Juxda".

**1937** D'Por vu Randschëlt feiert hir 500 Joer zesumme mat der Musik vun Heischent. Zu Heischent selwer gëtt dee neie Paschtouer, den Här Dominique Weyrich installéiert an den Här Paschtouer Jean-Pierre Hein gëtt verabschied. Dëst Fest gëtt vun der Heischter Musik verschéinert. An der Tëschenzäit gëtt regelméissig geprouft an zum Schluss vum Joer kritt den Dirigent eng Entscheedigung vun 450 Frang.

**1938** D'Musik spillt Theater: "D'Joffer Marie-Madeleine".

Cäciliendaag gëtt rëm Theater gespillt: "Deen neie Feeschter".
De Michel Barthelemy, Vizepresident vun der Musik demissionnéiert, a séng Plaaz kënnt de Jean-Pierre Pull.

**1939** Bedeeligung un de Pompjen hirem 30-jährige Stëftungsfest. Nomëttes ass eng Gedenkfeier fir déi Verstöerwen vun de Pompjen bei däer een Trauerchoral gespillt gëtt. Owes ass Familljenowend vun deenen 3 Veräiner. Pompjen, Musik a Gesank.

Bei de lokalen Onofhängigkeetsfeierlichkeeten feiert d'Musik ganz begeeschtert mat. Den Ausfluch geet an d'Vogesen.

Zënter 1931 gëtt all Kiirmessondigmoien den Hämmelsmarsch gespillt an am Nomëttig och nach ee Concert.

Föessondig spillt d'Musik Theater: "De bloe Méindig-um Heemwee". Föessondig gëtt an den d'Döerfstroossen fir Föesstëmmung gesöergt. Bei Hochzäiten gëtt och alt Danzmusik gespillt. Den Niklosëmzuch gëtt vun der Musik organiséiert.

**1940** Februar: Opféierung vun der Operette "D'Häre vum Knuppenhaff".

Festlicht Eessen am Café Pull.

Am Mee 1940 kënnt den 2. Weltkrich.

Am Krich beschléisst d'Musik hier Aktivitéiten op Äis ze leeën. D'Besetzer hu séier spatz, datt een an de Veräiner ka gesinn wéi d'Lëtzebuerger zesummenhalen. Doropshën ginn direkt Viirschrëfte vun de Preisen ausgeschafft un déi di Verantwortlich vun de Veräiner sich mussen halen. D'Musikante verzichten eewer léiwer op hiren dach esou schéinen Hobbi ass wéi deenen folgenden Viirschrëften no ze kommen.

**1946** Nom Krich gëtt d'Musik rëm frësch ugekéiert, waat göer nët einfach ass. Déi lang Krichsjoeren senn nët ouni Spure laanscht de Veräin gang. Et senn déif Wonne gerappt ginn déi net méi sou séier ze heele senn. Mä déi Couragéiert treeden rëm mat neiem Idealismus, nach méi grousser Freed an onbeschreiflichem Eiergäiz un. D'Musiksgesellschaft stellt fest datt baal daat ganzt Material zerstéiert oder verschwonn ass. E Baryton, eng Trombonn, déi déck an déi kleng Tromm senn nach einigermoossen an der Rei.

D'Noutematerial ass net méi ze gebrauchen. De Veräinsfändel muss just e besse gefléckt ginn. D'Medaillen senn allerdings all verschwonn. De Musiks-a Veräinsgeescht ass eewer no der langer Zäit esou feirig wéi nach ni an den Neiufank ass séier gemeet. D'Tatsaach datt zwéi jonk Memberen am Krich hiert Leewe geloss hun, höet nach lang e grousse Scheet op daat flott Veräinsleewe gehäit.

André RODENBOUR + 15.04.1945 am K.Z. Wscheta-Vschaty (Tschechoslowakei)

Nicolas GLOD + 08.03.1945 bei Wittstock gefall

**1948** Elo geet et rëm besser. No 8 Joer geet d'Musik fir d'éischt rëm mam Hämmelsmarsch duerch d'Döerf. Deen Owend virdrun senn 13 Mann an der Prouf. Jiddereen kann seng Stëmm spillen, et kann een sich rëm an der Öffentlichkeet weisen. Onglécklicherweis fiert bei däer Geleeënheet d'déck Tromm futti. D'Musik vu Feelen hëlleft mat hirer Tromm aus.

Et gëtt no engem Dirigent gesicht. De Mathias Kieffer, deen éischte Pionéier vun der Gesellschaft iwerhëllt dee Posten. Well de Jean-Pierre Kirsch en Auto höet bekëmmert heen sich ëm den Transport vum Dirigent vu Bilschdrëf op Heischent. Den Dirigent verdingt 1.000 Frang am Joer. Nodeems de Krichsschöed ausbezöelt ass, ginn nei Instrumenter an och Kaape kaaft.

De Jean Winandy gëtt als Gemengerot geéiert.

**1949** D'Musiksgesellschaft zeelt rëm 20 Mann.

Am Comité senn: President: Hubert Bartholmy, Vizepresident: Jean-Pierre Pull, Sekretär: Jean-Pierre Winandy, Caissier: Albert Welter, Bäisëtzenden: Jean-Pierre Deltgen, Dirigent: Mathias Kieffer.

Während de Wanterméint gëtt fläissig geprouft fir datt d'Musik rëm un alle Feierlichkeeten deelhöele kann.

Dëst Joer spillt d'Musik 2 Eenakter als Theater: "Ee leschtigt Kléiblaat" an "D'Testament".

**1950** Bedeeligung um 50. Stëftungsfest mat Fändelweih zu Mäerzig souwéi och un der Fändelweih vun der Buurschter Pompjesmusik. D'Gesellschaft spillt deen éischten Concert nom Krich.

**1951** Fir 32.414 Frang ginn nei Instrumenter kaaft. Bedeeligung un der Fändelweih vun de Grousbusser Pompjen. D'Musik bedeeligt sich och un der Abschiedsfeier vum Här Paschtouer Dominique Weyrich souwéi un der Installatiounsfeier vum Här Paschtouer Jos Wagner.

**1952** Bei Geleeënheet vun der Kommiounsfeier spillt d'Musik ee Concert.

Zesumme mat der Fanfare «La Patrie» vun Öeschdrëf-Bilschdrëf spillt déi Heischter Musik e Concert zu Bungerëf. Eierung vum Scheffen Jean Winandy souwéi och vum neie Gemengerot Jean-Pierre Keiser.

**1953** D'Musik geet zu Wolz um Gënzefest matt an si bedeeligt sich och un enger Feier vun de Kehmener Pompjen. Concert zu Ettelbréck.

Dëst Joer gëtt rëm en Ausfluch gemeet. Dräi Deeg an d'Schwäiz.
**1954** D'Fanfare Orania vu Colmar-Berg kritt ee neie Fändel an d'Musik vun Heischent verschéinert hinnen hiert Fest. Zu Harel organiséieren d'Pompjen e feierliche Cortège an döerno kréien se ee Concert gespillt. D'Musik ass zu Wolz um Gënzefest derbäi.

**1955** De 17. Juli 1955 gëtt den Emile Weyer zum Paschtouer geweiht. Et ass seelen datt um Döerf eng Primizfeier gehal gëtt an döerfir höet d'ganzt Döerf keng Méi gescheit fir déi Feier sou festlich wéi méiglich ze gestalten. Fir d'Musik ass et eng grouss Eier ee vun hire Matbierger an d'Kiirch ze begleeden fir déi éischt Mass ze halen.

Bedeeligung un der 50-Joer Feier vun de Géischdrëfer Pompjen.

**1956** Bedeeligung un der Fändelweih vun de Buurschter Pompjen souwéi och un der 100-Joer Feier vun der Musik vu Grousbus. Enn 1956 kritt d'Musik ee neien Dirigent. Vu 4 Kandidaten gëtt de Pol Wagner vun Dikkrich ausgeweelt.

**1957** Zu Kaunerëf ass Kantonalversammlung vun de Pompjen an an engems 50-Joer Feier vun den Döerfpompjen. Eise langjährige President Hubert Bartholmy gëtt säi Posten aus Altersgrënn op. Den Albert Welter ersetzt heen. Als 5. Member gëtt den Michel Glodé an de Comité geweelt.
**1959** Päischtméindig geet d'Musik mat der Prëssioun op de Përmesknupp zu Kaunerëf. An deem Joer geet den Ausflug 2 Deeg op Rüdesheim a Bingen. Bedeeligung un engem Cortège zu Gilsdrëf.

Bedeeligung un der Klackeweih.

**1960** Bedeeligung un der Fändelweih vun der Harmonie vun Harel an un der Fändelweih vun den Ensber Pompjen souwéi och um 50-jährige Stëftungsfest vun der Fanfare Concordia Wahl. Concert zu Kaunerëf.

**1961** Bedeeligung un enger Pompjesfeier zu Déierbich.

**1963** Zesumme matt der Fanfare vun Gilsdrëf gi Concert'en zu Veianen an Eechternach gespillt. Op allgemenge Wonsch vun de Memberen trëtt d'Fanfare Ste Cécile der Union Grand-Duc Adolphe bei. Bedeeligung un der Abschiedsfeier vum Här Paschtouer Jos Wagner souwéi un der Installatiounsfeier vum Här Paschtouer Robert Brosius.

**1964** Ausfluch op d'Musel. Eierung vum neie Gemengerot Jos. Wallers.

**1965** Bedeeligung un der 150-Joer Feier vun der Musik vun Esch-Sauer.
Déi éischt Uniforme gi kaaft. D'Stofft gëtt vun der Duchfabrik Demuth et Fils vun Esch-Sauer geliwert. D'Ufäerdigung mécht d'Firma Schaak vu Rolléng. D'Kaape liwert d'Haus Jager-Oberlinkels vun Ettelbréck.

Bedeeligung zu Bissen un engem Turnéier fir Musiken aus der 3. Divisioun.

Bedeeligung um Cortège vun den Ensber Pompjen.

Fir d'éischt nom Krich erreecht d'Memberzöel rëm déi vun 1931 (15 Mann)

**1966** D'Musik bedeeligt sich un engem feierlichen Emzuch vun de Pompjen vun Esch-Sauer. Déi éischt UGDA's-Medaillen ginn zu Heischent ausgedeelt.

**1967** Concert'en zu Ettelbréck an Esch-Sauer

**1968** Dëst Joer hëllt d'Musik, op Wonsch vum Polizeicommissaire Close vu Gemappe(B), un enger Denkmalaweihung deel. Bedeeligung un der Abschiedsfeier vum Här Paschtouer Robert Brosius an un der Installatiounsfeier vum Här Paschtouer Michel Schaeffers.

Fir d'éischt datt Gesellschaft besteet, hëllt se un engem Musiksconcours deel a schléisst mat engem schéinen Erfollig of. Si klëmmt eng Divisioun méi héich.

D'Gemeng an déi anner Veräiner wëssen desen Erfollig ze schätzen an si empfänken d'Musik am Gemengenhaus wou de Buergermeeschter Jos. Theis dës Leeschtung mat deene passende Wierder ënnersträicht.
**1969** Concert'en zu Dikkrich, Ettelbréck an Esch-Sauer.

Op Wonsch vum Heischter Syndicat d'Initiative spillt d'Musik Concert'en op de Campingen Dierbich, Heischtergronn an Toodlermillen.

Bei engem Eessen am Café Pull kritt d'Musik ee neie Bugle S.W.L. iwwerreecht.

Den aktuelle President Albert Welter reecht seng Deemissioun eran. An der Generalversammlung gëtt beschloss d'Zöel vun de Comitésmemberen op 7 eropzesetzen: 4 aktiv an 3 inaktiv Memberen.

**1970** No der Wahl besteet de Comité aus folgende Memberen: President: Michel Welter, Vize-president: Michel Glodé, Sekretär: Jos Winandy, Caissier: Jean Wiseler, Bäisëtzend: Jean-Pierre Pull, Albert Brack, Jos Wallers.

Concert'en zu Ettelbréck, Esch-Sauer, Diirbich, Toodlermillen, Heischtergronn a Mëttscheed.

Eierung vum neie Gemengerot Michel Welter.

Cäciliefeier, Theater a Bal.

Fir 21.000 Frang gi nei Instrumenter kaaft. Déi traditionell Aktivitéite se weiderhin: 1.-Mee Feier, Hämmelsmarsch a Kiirmesconcert.

**1971** Hämmelsmarsch zu Toodler-Réngel a Kehmen-Scheedel. Concert'en zu Géischdrëf, op der Diirbich, zu Toodler an am Heischtergronn. Cortège zu Veianen.

D'Gesellschaft mécht en Ausfluch (Ahrtal-Königswinter).

Patronatsfeier mat Bal.

D'Musik keeft 4 nei Instrumenter.

Fester déi an dësem Joer besonnesch wichtig senn:

Fändelweih a 40-jährigt Bestoue vun der Fanfare Ste Cécile. D'Geedelen an d'Pätteren vum Fändel senn: Catherine Cloos-Schroeder, Marie Kneip-Welter, Emile Krack a Jean-Pierre Deltgen.

An de Joeren 1928, 1929 an 1931 dréit d'Musik de Numm "Fanfare Pompiers". Fier d'40-Joer Feier ze plangen gëtt ee Festcomité mat folgende Membren gegrënnt:

Michel Welter, Michel Glodé, Jean Wiseler, Jos Winandy, Jean-Pierre Pull, Albert Brack, Jos Wallers, Michel Schaefers, Paul Hoffmann, Hans Peters, Pierre Goetz.



*Den Erny Wilmes, den Hubert Bartholmy, de Mathias Kieffer an de Pol Wagner bei der Fändelweih 1971*

**1972** De Michel Glodé gëtt zum Sous-chef vun der Musik ernannt. Op Cäciliendaag wiirkt d'Musik an der Mass mat. D'Theaterstécker vun deem Joer senn: "Flammen über Mexiko" an "Den Tünnes als Professer".

No 15 Joer Dirigent kritt de Pol Wagner eng gëllen Auer iwerreecht. Dëst Joer kommen 19 nei Schüler an d'Musik bäi. Daat ass en absolute Rekord vun un datt d'Musik besteet.

**1973** Föesicht. D'Musik spillt e Concert deen duerch e Schülerconcert verschéinert gëtt. Fir ofzeschléissen gëtt e Föesbaal gehal.

De Mee hällt d'Musik hiren éischte grousse Bal an der Gropa. Sonndesmëttes ass e Concert vun der Eschdöerfer Musik mat engem Kannerfest organiséiert vun Canada Dry.
Deelhöelen un engem Cortège zu Veianen.

D'Mammendaagsfeier gëtt vun der Musik verschéinert. D'Musiksgesellschafte Schieren, Gilsdrëf an Heischent spillen zesummen e Concert zu Ettelbréck.

Duerch den Dépositaire Jos Wallers kréien d'Musikanten en Ausfluch op Koblenz erméiglicht, wou se d'Königsbacher Brauerei besichtige kënnen.

Et ginn nei Instrumenter kaaft: 2 Buglen, 2 kleng Trommen, 1 Baryton, 1 Bass mib fir 76.000 Frang.

Cäciliefeier, Theater mam Stéck: "De Klatzkapp". Et gëtt e Baal gehal an d'Musikanten kréien engt Eessen.

Doud vum Éirepresident Hubert Bartholmy

**1974** Neijoschdaag: Eessen am Café Gross (a Bechet's). An der Generalversammlung gëtt de Pierre Goetz an de Comité geweelt. Zu Ettelbréck spillen déi 3 Musiken (Heischent, Schieren an Gilsdrëf) zesummen e Concert. Well Renovéierungsaarbichten an der Kiirch gemeet ginn an doduerch d'Mass op de Gemengebau verlöecht gëtt kann 1974 keen Theater gespillt ginn.

Bal an der Gropa.

**1975** Föesbal am Café Gross (a Bechet's).

Concert zu Ettelbreck matt deenen 3 Musiken (Heischent, Schieren a Gilsdrëf). D'Musik hëllt un der Fändelweih vun den Pompjescorps'en Eschdöerf an Mëtscheet deel.

Op Wonsch vum Syndicat d'Initiative vun Heischent bedeeligt d'Musik sich un der Aweihung vun engem Denkmal zu Heischent. Dëst Denkmal soll e Merci döerstelle fir déi vill Affer déi d'Zaldote vun der 80. US-Infanteriedivisioun fir d'Befreiung vun eiser Géigend bröecht hun. Moies ass ee musikalischen Empfank fir déi amerikanisch Veteranen déi mat hirer Famill aus Amerika ugereest senn. Déi amerikanisch an déi lëtzebuergisch Nationalhymnen gi selbstverständlich vun der Heischter Musik gespillt. D'Sonnerie aux Morts (Day is Done) gëtt op engem Clairon gespillt deen am Krich zréckbliwe war.

De Musiksbal, verbonn matt der Weel vun enger "Miss Tourisme", gëtt fiir d'éischt an der Hal vun der Gropa gehal.Déi nei Schoul vun der Gemeng Heischent gëtt ageweiht. Hei spillen d'Musike vun Eschdöerf an Heischent zesummen.

Abschiedsfeier vum Här Paschtouer Michel Schaefers.

Enn des Joers gëtt Theater gespillt: "Dat neit Dingschtmeedchen" ass den Titel vum Stéck. Et gëtt och e Bal gehal. Concert a Schülerconcert.

Am Joer 1975 kritt d'Musik 3 Instrumenter gestëfft, eng Trompett an zwou kleng Trommen.

D'Musik bedeeligt sich un der Ovatioun (beim Baamopriichten) zu Eire vum neigeweelte Gemengerot Paul Turpel.

Enn des Joers invitéiert d'Musik op engt Oofschlosseessen matt allen aktiven Musikanten, hire Fraen an och de Musiksschüler.

**1976** Föesbal.

Concert bei Geleeënheet vun der Kommioun.
Concert um Buurschter Schlass fiir d'Aweihung vun deene frësch restauréierte Reim.

D'Gesellschaft mécht um UGDA's-Concours zu Elwen matt. Hei ass et der Musik gelong, déi an dësem Joer matt 46 Memberen, dorënner 25 Musikanten ënner 17 Joer, hiiren Héichpunkt erreecht höet, dräi 1. Präisser mat heem ze höelen. Wéi d'Musik zréck op Heischent kennt gëtt se ganz häerzlich vum Syndicat d'Initiative empfong a geéiert.

Cäcilienfeier: D'Solfège-Schüler sangen e pöer Liddercher, d'Jugendfanfare spillt ee klenge Concert.

Dëst Joer kritt d'Musik e Baryton gestëfft.

Op Kiirmessonndig begleet d'Musik deen neigegrënnte Fussballveräin op den Terrain wou si hiren éischte Match spillen.

**1977** Januar: Veräinseessen an Theaterowend. Et gëtt "Sträit am Stoot" gespillt.

Cortège zu Esch-Sauer. Well weder déi Heischter nach déi Eschdöerfer Musik genuch Musikante beieneen kréien, höelen déi zwéi Veräiner zesummen um Cortège deel.

Bedeeligung un engem Cortège zu Nidderfeelen.
Bal an der Hal vun der Gropa.

Tragischen Doud vun eisem jonke Musikant Roger Feinen.

**1978** Festessen vun der Musik. Concert an Medailleniwerreechung am Festsall (um Gemengebau)
Theatervirstellung: "D'Jonggesellesteier".

Concert an der Däichhal zu Ettelbréck.

Zu Wolz së Krichsveteranen op Besuch. Bei däer Geleeënheet gëtt e Cortège organiséiert wou d'Heischter Musik mattmécht.

Sonndesausfluch op Sotzweiler (Saar/Däitschland). Uschléissend Concert an der Festhal. Neeft der Heischter Musik sënn nach 8 anner däitsch Musiken ukomm.

Bal an der Hal vun der Gropa. Wahl vun der "Miss Tourisme".

Den FC Racing Heischent gëtt Beziirksmeeschter vun der 4. Divisioun. Döerfir gëtt den FC geéiert an d'Musik mécht matt. De Fussball hällt ee Bal wou een Deel vun de Musikanten Orchester spillt.

D'Musik keeft eenheetlich Heemer fir bei d'Uniform.

**1979** D'Heischter Musik feiert hire 50. Gebuertsdaag!!
An der Generalversammlung gëtt d'Memberzöel vum Comité vun 7 op 9 Mann eropgesaat. D'Statute ginn emgeännert.

De vergréisserte Comité:

President: Michel Welter, Vizepresident: Michel Glodé., Sekretär: Pierre Goetz, Caissier: Jemp Goebel, Memberen: Jean Wiseler, Jos Winandy, Albert Brack, Jos Wallers, Hans Peters.

De Comité koum mam Här Demuth vun Esch-Sauer zesummen fir nei Uniformen ze kaafen.

D'Moosse vun deene neien Uniformen ginn vun der Maison Edy aus der Staat geholl zesummen mam Här Jager vun Ettelbréck.

Bei der 1.-Mee Feier ginn d'Schüler fir d'éischt matgeholl.

Hämmelsmarsch zu Boukels mat 10 Musikanten.
Déi nei Uniformen a Kaapen ginn ausgedeelt. Am Juni ass ee Rallye pédestre an owes spillt d'Musik e Concert als Optakt vun de 50-Joer Feierlichkeeten. Den 24. Juni gëtt eng Mass gehal fir d'Musik. Um 14.00 Auer ginn d'Musiksgesellschaften empfong déi fir d'Feierlichkeeten agelöede senn. Um 15.00 geet de Cortège duerch d'Döerf. Döerno kritt all Musikant eng Rous als Merci iwerreecht. Um 16.30 gëtt déi Ettelbrécker Musik e Concert zum Beschten.

4. August. Hämmelsmarsch mat neie Kiddelen an e pöer Schoof zu Heischent.



5. August Kiirmesconcert zu Heischent.

9. September Ofschlossfeier vum Cinquantenaire zesumme mam Staats- a Kulturminister Pierre Werner.

Wann déi Heischter Jongen Theater spillen, verschéinert d'Musik zu jeweils 10 Musikanten d'Pause fir 500 Frang den Owend.

Zu Feelen ass d'Regionalversammlung vun der UGDA wou d'Francine Hermes vun Heischent als Delegéiert fir den Norden an de Comité vun der UGDA geweelt gëtt.

**1980** De 15. Mee geet d'Musik vun Heischent fir d'éischt op een UGDA's Concours.

Resultat: 2. Divisioun-Ier prix. Nom Concours kréien d'Musikanten zu Rëmeléng en Eessen offréiert.

De Paschtouer Emile Weyer gëtt fir seng 25-jährig Priesterweih geéiert. Den Pol Wagner, Dirigent vun der Musik kritt vum Kulturministère eng "médaille de mérite" fir seng 25 Joer Dirigent iwerrecht.

**1981** D'Musik mécht een Ausfluch op Laroche an der Belsch.

Den Emile Braas gëtt als neie Buergermeeschter vun der Gemeng Heischent geéiert.

**1982** Comitésversammlung zesumme mam Gesank fir ee kulturellen Owend zesummen ze gestalten. Während deem Owend kréien d'Schüler hir Diplomer iwerreecht an d'Musikante gi geéiert.

An der Generalversammlung setzt de Jos Wallers sich net méi fir de Comité op, doropshënn kënnt de Jean Dupont a seng Plaaz.

Ausfluch mat Concert op Biersdorf/Bitburg.

Iwert d'UGDA gëtt eng Kasko-Versécherung fir d'Instrumenter ofgeschloss.

Den Heischter Maart gëtt rëm frësch opleewe geloss.

**1983** An der Generalversammlung gëtt den Comité deelweis neigeweelt. De Jean Wiseler stellt séng Kandidatur net méi a gëtt duerch de Roby Feinen ersaat.

Déi Heischter Pompjen feieren hirt 75-jährigt Bestehen an an engems ass d'Kantonalfest zu Heischent wou d'Musik matwiirkt.

Den Heischter Gesank feiert sengt 50-jährigt Stëftungsfest woubäi d'Musik de Gesank am Cortège op de Kiirfent begleet.

Fir den Heischter Maart verlount Mme Mady Pull der Musik d'Wiirtschaft.

**1984** Um Galaconcert kritt d'Musik e Bugel iwerreecht. D'Musik bedeeligt sich zu Buurschent un der Primizfeier vum Michel Meyer.

Cäciliendaag gëtt fir d'éischt eng feierlich Mass gehal wou d'Musik an de Gesank zesumme matwiirken.

**1985** Traditionnelle Wanterconcert.

Den 23. Abrëll ass d'Begreefnis vum Grëndungsmember, langjährige President an Eirepresident Albert Welter.

D'Pompjen vun Seffern (Bitburg) feieren hirt 75-jährigt Bestehen. Déi Heischter Musik a d'Pompjen gi vun hinnen agelöeden. Zu Méttscheet ass d'Kantonalfest vun de Pompjen un deem d'Musik vun Heischent sich bedeeligt. D'Musik mécht een Ausfluch vun 2 Deeg op Guebwiller (Elsass).

Aweihung vun deem neien Deel vun der Primärschoul.

**1986** Wanterconcert: Dëse Concert gëtt vum Heischter Kannerchouer "Gënzebléien" verschéinert.

**1987** Wanterconcert.

Zu Eschdöerf gëtt daat neit Gemengenhaus ageweiht. Bei deser Geleeënheet spillen déi zwou Musiken Eschdöerf an Heischent zesummen.

Ausfluch op Seffern (Bitburg): "Festival der Blasmusik".

Cortège zu Heischent fir de Jugendpompjen hiren 10. Gebuertsdaag ze feieren.

**1988** Wanterconcert.

Ausseröerdentlich Generalversammlung fir eng Ännerung un de Statute firzehöelen an eng A.s.b.l. ze grënden.

Eierung vun deene neie Gemengeréit Roby Feinen a Fernand Kirsch.
An der Generalversammlung gëtt d'Gesellschaft opgeléisst. Nodeems d'Statuten geännert senn ass aus der Musik vun Heischent eng A.s.b.l. ginn.

Et gëtt e neie Comité geweelt fir deen de Jean-Pierre Goebel séng Kandidatur net méi stellt.

An deem neie Comité senn:

President: Michel Welter., Vize-President: Michel Glodé., Sekretär: Pierre Goetz, Caissier: Raymond Glodé, Responsabel fir d'Uniformen: Hans Peters, Memberen: Roby Feinen a Albert Brack.

D'Musik vun Heischent geet op den UGDA's Concours op Esch/Alzette.

Uschléissent höet se 2 Concert'en am Ausland. Een zu Hellert (Frankräich) an een zu Utschent (Däitschland).

Fir eng regional Musiksschoul op d'Been ze setzen gëtt eng Grëndungsversammlung zu Esch-Sauer gehal.

**1989** Wanterconcert. An der Generalversammlung vum 18. Mäerz kënnigt de Michel Welter seng Démissioun am Comité un. Uschléissend gëtt ee neie Comité geweelt deen esou ausgesäit:

President: Hans Peters, Vize-President: Albert Brack, Sekretär: Fernand Kirsch, Caissier: Raymond Glodé, Memberen: Roby Feinen, Raymond Feinen.

De Michel Welter gëtt zum Eierepresident ernannt.

D'Musike vun Heischent an Eschdöerf begleeden d'Gënzebléien fir d'éischt op d'Sprangprëssioun.

Zu Heischent gëtt een Öergelveräin gegrënnt. De Vertreeder vun der Musik an deem Veräin ass de Raymond Glodé.

D'Musik schaaft verschidden Instrumenter un. e Bass sib, e Baryton e Saxophon Alto an eng Clarinette.

**1990** gëtt den traditionnelle Wanterconcert zu engem Galaconcert; Eiregaascht ass de Jemp Winandy.

An der Generalversammlung gëtt de Georges Weyer als neie Comitésmember opgeholl.

D'Chargen vun de Comitésmemberen gi festgelöecht:

D'Musik bedeeligt sich fir d'éischt un der Sakramentsprëssioun de 15. August zu Toodler. Bei der 175-Joer Feier vun der Esch-Sauerer Musik spillt déi Heischter Musik e Concert. Fakelzuch zu Esch-Sauer zesumme mat de Musike vun Esch-Sauer an Eschdöerf.

De Kannerchouer d'Gënzebléien feiert seng 10 Joer. Bei däer Geleeënheet ginn déi Heischter an Eschdöerfer Musik zesumme mat de Gënzebléien am Cortège an d'Kiirch.

**1991** 23. Februar - Galaconcert 1991. D'Musik offréiert alle Nolauschterer den Eierewäin.

D'Musik kritt 2 Instrumenter gestëfft, eng déck Tromm an eng Trompett.

No enger Rei vun erfolligräiche Joeren mécht d'Musik een Ausfluch mat 30 Mann op Paräis.

D'Musik keeft ee Saxophon Tenor.

De Georges Weyer an de Raymond Feinen treeden aus dem Comité aus.

**1992** D'Musik kritt 3 Instrumenter gestëfft, een Tuba, e Cor an e Saxophon Alto.

An der Generalversammlung gëtt de John Sliepen als neie Comitésmember opgeholl.

**1993** De Galaconcert gëtt fir d'lescht de 27. Mäerz um Veräinsbau gespillt.

Bei dëser Geleeënheet kritt d'Musik ee neien Tuba iwerreecht.

An der Generalversammlung gëtt de René Majerus als neie Comitésmember opgeholl.

De 4. Juli gëtt d'Sportshal zu Heischent ageweiht. D'Musike vun Eschdöerf an Heischent treeden zesummen op.

D'Uniforme ginn am November 1993 bei der Firma Bastian bestallt.

**1994** 29. Januar: Deen éischte Galaconcert an der neier Sportshal. Dëse Concert gëtt an der neier Uniform gespillt. Well d'Méiglichkeeten lo ganz annerer senn kënnen d'Concert'en duerch ee flotten Décor verschéinert ginn. Deen éischten Décor waren 3 grouss Dräiecker aus Styropor déi vum Michel Glodé ugestrach goufen. Op enger grousser Leinwand ginn deene ronn 400 Nolauschterer Auszéch aus dem Film "Dances with Wolves" gewiss. D'Musik kritt ee Saxophon Alto iwerreecht.

13. Mäerz: Öergelweih zu Heischent.

De Pol Brack, de Jules Turpel an de René Bissen ginn als nei Gemengeréit geéiert.

Vun 1994 un ass d'Feier vun Nationalfeierdaag oofweesselnd an deene 4 Sektioune vun der Gemeng.

Am Mee 1994 deelt de Pol Wagner dem Comité mat datt hee seng Fonktioun als Dirigent wëllt opgin.

15. Juli 1994: Doud vum Eierepresident vun der Gesellschaft Michel Welter.

Den Heischtermaart vum 30. Juli 1994 gëtt wéint dem Doud vum Michel Welter ofgesoot.

D'Musik kritt zwou Pauke gestëfft.

**1995** Galaconcert. D'Musik höet eng Sängerin an der Persoun vum Martine Breisch engagéiert fir "Don't cry for me Argentina" firzedroën.

De Michel Glodé gëtt mat der Regierungsmedaille "chevalier dans l'ordre du mérite" ausgezeechent.

Den 5. Mee ass Generalversammlung matt uschléissender Aweihung vum neie Proufsall. Déi aal Schoul (beim Kiirfent) ass renovéiert.



De Gesank brauch ee Piano fir ze prouwen. D'Musik an d'Gemeng bedeeligen sich um Finanzement.

De Pol Wagner hällt no 39 Joer als Dirigent op a gëtt duerch den Armand Filaferro ersaat.

D'Musik mécht een Ausfluch op Bochum fir de Musical „Starlight Express" kucken ze gouen:

Cäciliendaag iwerhëllt d'Musik fir d'éischt den Eirewäin no der Mass. Döerno gëtt all Joer mam Gesank oofgeweesselt.

**1996** Galaconcert an Zesummenarbicht mat de Gesankveräiner Vichten, Eschdöerf an Heischent.

An der Generalversammlung deemissionnéiert de Roby Feinen a gëtt duerch de Georges Weyer ersaat.

Den Armand Filaferro gëtt als Dirigent vum Marcel Arendt ofgeléist.
Heischtermaart: D'Musik verzicht op de Café Pull a riicht en Zelt am Haff vun der Famill Henri Brack op.

Cäciliendaag invitéiert de Pol Wagner d'Musikanten op en Eessen an d'Fuussekaul.

**1997** Galaconcert op deem d'Musik een neien Tuba geschenkt kritt. Wéinst Differenze mat de Kehmener Pompjen gëtt den Hämmelsmarsch net méi zu Kehmen gespillt.

Vu 1997 un ass den Heischter Maart Sonndes virun der Kiirmes.

D'Musik mécht een Ausfluch op Köln fir de Musical „Gaudi" kucken ze gouen.

**1998** Galaconcert.

Fir de Galaconcert ze verschéineren kënnt d'Coriovallum Pipe Band, een holländischen Duddelsaakensembel. Mee domat nët genuch, d'Li Marteling féiert e pöer Dänz mat senge Schüler aus der Danzschoul op.

Generalversammlung: De Raymond Glodé an de René Majerus ginn am Comité duerch de Serge Hermes an den Alain Laures ersaat.

D'UGDA-Medaillen ginn fir d'éischt an der Generalversammlung iwereecht.

Wéinst deenen 2 Neizougäng am Comité ginn d'Chargen frësch opgedeelt:

President: Hans Peters, Vizepresident: Albert Brack, Sekretär: Fernand Kirsch, 2. Sekretär: Georges Weyer, Caissier: John Sliepen, 2. Caissier: Alain Laures, Member: Serge Hermes.

**1999** Galaconcert zu Heischent mat Optrëtt vun der peruanischer Grupp Nan Kury (Panflütt an Trommelen) an enger Schwäizer Grupp mam Numm "Baila Brasil" (brasilianisch Dänz).

De Pol Wagner gëtt offiziell zum Sous-chef ernannt. D'Kiirch zu Toodler ass restauréiert a gëtt mat Ennerstëtzung vun der Musik feierlich ageweiht.

Nodeems d'Musik sich vum Marcel Arendt trennt, gëtt ënner 2 Kandidaten denThomas Meunier als neien Dirigent ausgeweelt.

D'Musik mécht en Ausfluch op Amsterdam.

2. Dezember: Doud vun eisem langjährigen Sous-chef Michel Glodé.

**2000** Galaconcert. D'Inviteeën dest Joer sënn d'Kannerchéier «Gënzebléien» vun Heischent an «La Chanterelle» vu Buurschent.
De Marc Lahire gëtt als neie Gemengerot geéiert.

Den Albert Brack stellt seng Kandidatur net méi fir an de Comité an de Roby Feinen gëtt als 7. Mann cooptéiert. Doropshënn gin d'Chargen am Comité frësch verdeelt:

President: Hans Peters, Vizepresident: Roby Feinen, Sekretär: Fernand Kirsch, 2. Sekretär: Georges Weyer, Caissier: John Sliepen, 2. Caissier: Alain Laures, Member: Serge Hermes

De Mee organiséiert d'Musik ee Fréijoersconcert an der Hal zesumme mat der Fanfare Wilhelmina vu Vlierden (Holland).

De Kannerchouer Gënzebléien feiert säin 20. Gebuertsdaag.

**2001** Galaconcert. De Francis Penning, Star vun dësem Owend, weess d'Lett mat sengem Können um Fliggel z'iwerzeejen. D'Musik keeft e neie Saxophon.

Den Hans Peters stellt seng Kandidatur net méi fir an de Comité. An déi Plaaz gëtt de Will Demuth opgeholl.

Dee neie Comité setzt sich elo sou zesummen:

President: Serge Hermes, Vize-President: Roby Feinen, Sekretär: Fernand Kirsch, 2. Sekretär: Georges Weyer, Caissier: John Sliepen, 2. Caissier: Alain Laures, Member: Will Demuth.

Concert an der Hal zesumme mat der Musik vun Eschdöerf an de Gesankveräiner vun Heischent an Eschdöerf am Kader vum Cinquantenaire vun der Eschdöerfer Musik.

D'Primärschoul zu Heischent gëtt de 6. Juli ageweiht. Si ass vergréissert gin andeems e Stack drop gesaat gin ass.
Am Heerscht gëtt ugefong een Archive vun de Musiksstécker opzebauen.

**2002** Galaconcert. An der Halschent an och nom Galaconcert trëtt d'Grafschafter-Dixie-Gang vu Köln op.

An der Generalversammlung gëtt den Hans Peters zum Eierepresident vun der Gesellschaft ernannt.

Zu Eiren vun der Installatioun vun der neier groußherzoglicher Koppel ass den 20. Abrëll d'Joyeuse Entrée zu Wolz. D'Musik vun Heischent spillt op verschiddene Plaazen zesumme mat de Musike vun Esch-Sauer, Eschdöerf an aus dem Kiischpelt. Den Ofschlossconcert gëtt op der Festivalsplaaz zesumme mat alle Musiken aus dem Wëlzer Kanton gespillt.

D'Musik mécht en Ausfluch op d'Musel.

Den 20.Dezember gëtt e Comité élargi op d'Been gesaat fir d'Feierlichkeete vum 75. Anniversaire ze organiséieren.

Dëse Comité besteet aus:

Will Demuth, Roby Feinen, Pierre Goetz, Serge Hermes, Fernand Kirsch, Alain Laures, René Majerus, Hans Peters, Danielle Sliepen-Glodé, John Sliepen, Claude Storn, Jules Turpel, Georges Weyer

**2003** Galaconcert. D'Inviteeën vun dësem Joer sënn: «Les Archets du Sablon». Première um Galaconcert ass den Optrëtt vun enger Equipe vun jonke Musikanten (9-12 Joer) déi ee Stéck (Gloria) ganz eleng spillen.

D'Musikante kréien e Polo mam Logo vun der Heischter Musik deen zesumme mat enger schwaarzer Box als Uniform fir d'Summerconcert'en gedöecht ass.

# *Den aktuelle Comité*

PETERS Hans, Éirepresident
HERMES Serge, President
FEINEN Roby, Vize-President
KIRSCH Fernand, Sekretär
SLIEPEN John, Caissier
DEMUTH Will
LAURES Alain (feelt)
WEYER Georges



# *Den erweiderte Comité – 75 Joër Heischter Musik*

DEMUTH Will
FEINEN Roby
GOETZ Pierre
HERMES Serge
KIRSCH Fernand
LAURES Alain (feelt)
MAJERUS René
PETERS Hans
SLIEPEN-GLODÉ Danielle
SLIEPEN John
STORN Claude
TURPEL Jules (feelt)
WEYER Georges



# Eis Dirigenten

| | | | |
|---|---|---|---|
| KIEFFER Mathias | 1931-1933 | FILAFERRO Armand | 1995-1996 |
| WILMES Ernest | 1933-1940 | ARENDT Marcel | 1996-1999 |
| KIEFFER Mathias | 1946-1956 | MEUNIER Thomas | 1999- |
| WAGNER Pol | 1956-1995 | | |

# Eis Presidenten

| | | | |
|---|---|---|---|
| BARTHOLMY Hubert | 1931-1957 | PETERS Hans | 1989-2001 |
| WELTER Albert | 1957-1970 | HERMES Serge | 2001- |
| WELTER Michel | 1970-1989 | | |



ELECTRO
Reihl Weber s.à r.l.

14, am Haesbich

L-9150 ESCHDORF

Tél. 83 96 56

Fax 83 95 83

e-mail: elecraw@pt.lu

CONCESSIONNAIRE
FIAT
Alfa Romeo

Garage
GRASGES
S.A.
Carlo et Fernand Grasges

36, route d'Ettelbruck
L-9230 DIEKIRCH

Tél. (00352) 80 31 27
Fax (00352) 80 25 36

Electricité N. FAUTSCH SARL
Electroménager • HIFI • Vidéo
7a, av. Nic Kreins L-9536 WILTZ
Tél.: 95 82 69 Fax: 95 78 72

FAUTSCH & DUPREZ S.A.
Electricité générale et industrielle

Installations électriques Basse-Tension
et Moyenne-Tension
Construction de tableaux électriques
Systèmes de sécurité et d'alarme

7a, av. Nic Kreins L-9536 WILTZ
Tél.: 26 95 11-1 Fax: 95 78 72

Distributor
von
bp solar

Topsolar

Ee Betrib mat Erfarung
iwwer 300 Solaranlagen hei am Land
Topsolar L-8838 WAHL T. 88 82 41
www.topsolar.lu


Prop. Serge Feller
CAFE-RESTAURANT
BEIM "SERGE"

Jeu de quilles
Dépôt à gaz

L-9163 KEHMEN

Tél: 99 03 23

Fermé le mardi

Boucherie
HUBERTY


Esch-sur-Sûre

13, rue de la Poste
L-9650 Esch/Sûre
Tél. 83 91 30
Fax 89 92 31

CHAUFFAGE
SANITAIRE

Tel.: 990407-1
Fax: 990715

Dépannage:
Tel.: 990407-44

SCHMIT NICO
S.à.r.l.

31, rue Principale
L-9835 Hoscheid-Dickt

e-mail: info@nicoschmit.lu • Internet: www.nicoschmit.lu

**CAFÉ**
***DES***
**ROCHERS**



3, rue de l'Eglise
L-9650 **ESCH/SÛRE**
Tél.: **83 91 28**

**Boulangerie**
**Pâtisserie**

Jos &
Jean-Marie

MERTZIG
Tél. 88 92 86

LA
LUXEMBOURGEOISE

AGENCE
D'ASSURANCE

**Charles Brack**

L-9660 **Insenborn**
Tél. **89 90 86 /**
**88 80 08**

Biohaff - Camping -
Heehotel

Toodler millen

Famill Keiser
1, Toodlermillen
**L-9181 TADLER-MOULIN**
Tel.: 83 91 89 Fax: 89 92 36
E-mail: keisera@gms.lu
URL: www.toodlermillen.lu

Hôtel
Beau-Site



*2, rue de Kaundorf*
*L-9650 Esch-sur-Sûre*
*Tél.: 83 91 34*
*Fax: 89 90 24*

WEBER
ENTREPRISE DE CONSTRUCTIONS & DE TERRASSEMENTS



BETONS WEBER
béton préparé • pompe à béton

Tél. 92 15 55
Fax 92 11 24

24, MARBOURGERSTROOSS
L-9764 MARNACH

4 adresses au luxembourg pour mieux vous servir...

OPTI-VUE

www.opti-vue.lu

ETTELBRUCK - BEGGEN
REDANGE/ATTERT - JUNGLINSTER

| | | | |
|---|---|---|---|
| 62/64 GRAND-RUE | L-9051 **ETTELBRUCK** | — | **T** 81 00 96 |
| CENTRE ESPACE | L-1221 **BEGGEN** | — | **T** 42 06 07 |
| 42 GRAND-RUE | L-8510 **REDANGE/ATTERT** | — | **T** 23 62 98 48 |
| 15 RUE DE LA GARE | L-6117 **JUNGLINSTER** | — | **T** 29 78 09 60 |



*Salon Viviane*

L-9150 Eschdorf
**Tél.: 83 92 29**

ASSURANCES
**M. CROISÉ & FILS**
AGENCE GÉNÉRALE DEPUIS 1921

**LES AGENTS LOCAUX:**

Paul BRACK - HEIDERSCHEID
Jean STEPHANY - ESCHDORF
Claude et Frank STOLTZ - MERSCHEID

11, Place Guillaume
L-9237 **DIEKIRCH**
Tél.: **80 80 50-1** Fax: 80 25 31

OEUFS
POULETS



J. Welter-Schiltz
Heiderscheid
Tél.: 83 96 55

CONFECTION
LANNERS



ETTELBRUCK
Tel.: **81 22 80**
www.confection-lanners.lu

RiNNEN

Mon habitat, c'est mon choix!

Carrelage - Chapes - Sanitaire
Sauna - Solarium
Rénovation clé sur porte
de salles de bain
Châssis et portes Alu-Bois-PVC

www.rinnen-clervaux.com
Route de Bastogne, 2 • L-9706 CLERVAUX
Tél. : 92 97 01-1 • Fax : 92 90 19

Assurances
LA LUXEMBOURGEOISE

Assurances
Toutes Branches et Vie

Agence
Dupont

10, Haaptstrooss
L-9158 HEIDERSCHEID

Téléphone: 83 91 59
Fax: 89 91 65
GSM: 091 41 80 41

ELECTRICITE MAGASIN
HP
ELECTRICITE TELEVISION

HABETS PIERRE
MAITRE ELECTRICIEN

TOUT L'ELECTROMENAGER
ELECTRICITE-INSTALLATION
ENTRETIEN ET REPARATION
TELEVISION ET ANTENNES
SERVICE APRES VENTE
DEPANNAGE JOUR ET NUIT

L-8818 GREVELS
27, rue Principale
Tél. 88 81 62
GSM: 091 888 162
Fax: 88 92 28

camping
du moulin

L-9164
BOURSCHEID-MOULIN

Tél.: 99 03 31
Fax: 99 06 15

St fiacre
hôtel
restaurant

L-9140 Bourscheid
Tél.: 99 00 23 - Fax: 99 06 66

www.bourscheid.com
stfiacre@pt.lu

Se recommande pour:

noces, fêtes de famille, mariages, banquets jusqu'à 100 personnes

Entente des Hôtels Restaurants Ardennes • Haute Sûre Luxembourgeoises

Auberge du Château

Anna-Maria MARSONI

52, rue Principale
L-8814 Bigonville
Tel. 23 64 02 15

Fermé le lundi

GARAGE-AUTO-ECOLE
Johny LEYDER

Agence Citroën

Station ARAL

4, rue d'Ell
L-8509 REDANGE - ATTERT
Tél. 23 62 39-1 Fax 23 62 39-33

# *Comité de patronage*

ASPORT, Ingeldorf
BERNS-RIES Jean, Niederfeulen
Famille BOURG-PETRY, Heiderscheid
BRACK Metty, Heiderscheid
Famille BRACK-GOERGEN, Eschdorf
BREISCH-PETERS Joelle & Paul, Bertrange
Familles DELTGEN-JANSSEN-WINANDY, Heiderscheid
DEMUTH Willy, Esch-sur-Sûre
Philharmonie ESCH-SUR-SÛRE,
ETGEN-GOETHALS Fernand, Oberfeulen
EVERLING Robert, Eschdorf
FABER Pierre, Alzingen
FEIDER Georges, Esch-sur-Sûre
FEINEN-KEISER Roby, Heiderscheid
Fanfare FEULEN, Feulen
FRIESEISEN Elisabeth, Hosingen
GILSON Pol, Mertzig
GLAESENER-BETZ, Redange
Famille GLODÉ-KNEIP, Luxembourg
GLODÉ-MAJERUS Jean, Ringel
GOEBEL-RHEIN Antoine, Remich
GROSS-BERENS Michel, Colmar-Berg
HAAS Maggy, Esch-sur-Sûre
Sapeurs pompiers HEIDERSCHEID
Famille HERMANN, Welscheid
HERMES Francine, Heiderscheid
HERMES Serge, Insenborn
Famille HILGER-GOEBEL, Platen
Famille JACOBY-GENGLER, Ringel
KEISER-FELLER Demy, Heiderscheid
KIRSCH-KEISER Emile, Heiderscheid
Famille KIRSCH-VAN RIJEN, Heiderscheid
Famille KLOOS-DIESCHBOURG, Heiderscheid
KOEPP Jean-Pierre, Hoscheid-Dickt
LAURES Alain, Insenborn
LOES Nico, Nothum
Famille LUCAS-FEITLER, Ettelbruck
LUTGEN-CLERF François, Moesdorf/Mersch
MAJERUS Marie-Josée, Marnach
MAJERUS-CLOOS Pierre, Bereldange
MAJERUS-LOGTENBERG Marianne & René, Heiderscheid
Famille MOUSEL-VAN RIJEN, Goesdorf
Ets OSCH & FILS SECS, Vianden
Famille PAX-DELOSCH, Ringel
Famille PETERS-LUCAS, Scheidel
PETERS-SLOOT Wilhelmina, Feulen
Garage RENVAL, Bastogne(B)
SCHALTZ-PETERS Jean-Pierre, Feulen
SCHANK Marco, Eschdorf
SCHNEIDER Fernand, Kehmen
SCHOCKMEL Jean, Bourscheid
SCHULER-ESCHETTE Alfred, Heiderscheid
Famille SLIEPEN-GLODÉ, Ringel
STORN-KEISER Jeanny & Claude, Heiderscheid
Scierie STROTZ-KOLBACH, Flatzbour
TURPEL Justin , Luxembourg
Famille TURPEL-WALLERS, Heiderscheid
VAN RIJEN-DE KROON Leo, Goesdorf
WEHLES Marco, Eschdorf
Chanoine WEYER, Luxembourg
Famille WEYER-GOLDSCHMIT, Heiderscheid
WEYER-LUDIVIG John, Heiderscheid
WINANDY-MOLITOR Claudine & Claude, Heiderscheid
WINANDY-RODENBOUR Nic., Heiderscheid
WINANDY-STIEFER Joseph, Heiderscheid

# *Comité d'honneur*

BERNARD Joseph, Belvaux
BICHLER Nadine, Differdange
BISSEN-GIRST Henri, Vichten
BOLMER-GOLDSCHMIT Guy, Merscheid
Famille BRACK-KIRSCH, Heiderscheid
BRACK-KRACK Albert, Heiderscheid
BRIMMEYER-KRACK Yves, Heiderscheid
CALMES Emile, Bettborn
Chaussures COLETTE, Wiltz
CONZEMIUS-SCHROEDER Edouard, Mertzig
CORNET-MERSCH, Grümmelscheid
Famille CROCHET, Mecher
Fotocenter DELTGEN, Ettelbruck
DEMUTH Anna, Esch-sur-Sûre
Mme DEMUTH-STREFF, Wiltz
DURDU Agnès, Hamiville
EINSWEILER Jos, Heiderscheid
ENSCH Jemp, Wahl
Famille ESCHETTE-WEBER, Pétange
FEINEN Luc, Heiderscheid
FEINEN Mathias, Eschdorf
FLESCH-FLAMMANG Michel, Heisdorf
FRERES-MAY Anny, Heiderscheid
FRETZ-WILMES Aloyse, Eschdorf
GIRA Camille, Beckerich
GLODÉ-MAJERUS Wilma, Ringel
GOERGEN François, Esch-Alzette
GOLDSCHMIT-FABER Ernest, Wintrange
HALSDORF Claude, Warken
Famille HANS-SCHILTZ, Bockholtz
HEINRICH Marie-Josée, Baschleiden
HENDRIKS Martin, Schieren
HENTGES Edouard, Ettelbruck
Famille HOFFMANN, Heiderscheid
HOFFMANN Paul, Heiderscheid
HOFFMANN-GOLDSCHMIT Monique, Luxembourg
HOLLERICH-ARENDT Jules, Harlange
JACOBS Marie-Josée, Luxembourg
KELLEN-LINDEN Remy, Schweich
KIRSCH Elise, Luxembourg
KIRSCH Josiane, Heiderscheid
KIRSCH-GANSEN Nicolas, Steinsel
KNEIP-GOEDERS Robert, Insenborn
Famille KNEIP-SCHILTZ, Heiderscheid
KOECHER René, Ettelbruck
KOOB Gerard, Niederfeulen
KRACK-THEIS Alice, Heiderscheid
Mme KREMER-SCHMIT, Bourscheid-Moulin
LAURES-HEINRICH Alice, Insenborn
LINSTER Pascale, Heiderscheid
LUDIVIG-GOLLER Alfred, Bourscheid
LUTGEN Joseph, Heiderscheid
Famille MACE, Heiderscheid
MAILLET Christiane, Kehmen
MAILLET Jean-Marie, Bridel
MAILLET-CLOOS Jean-Pierre, Heiderscheid
MAILLET Yolande, Heiderscheid
MAJERUS Louise, Heiderscheid
MAJERUS Nadine, Derenbach
MAJERUS-HANSEN Alfred, Heiderscheid
MAJERUS-WELTER Jean, Heiderscheid
MANTZ-DE KROON Jos, Bigonville
MASSEI Laurent, Ringel
MERTENS Arnold, Harlange
NEISSEN Carlo, Goebelsmühle
NESEN-PETERS Jean-Pierre, Ettelbruck

# *Comité d'honneur*

NICKS Josy, Bavigne
ORIGER-MEYERS Joseph, Eschdorf
PEIFFER Charles, Grevels
PIRET-THULL Hubert, Niederfeulen
PLICKERT Marth, Esch-sur-Sûre
RECKINGER Alphonse, Nagem
RODESCH-SCHWARTZ Camille, Niederfeulen
ROILGEN Jean, Luxembourg
SCHILTZ-FOETZ Leon, Heiderscheid
SCHNEIDER-CONRARDY H., Heiderscheid
SCHOCKMEL Arthur, Goesdorf
Famille SCHOLTES-MEYER, Heiderscheid
Famille SCHON-FEINEN, Clervaux
Famille SLIEPEN-BRACHMOND, Bettembourg
SLIEPEN-ENGELEN Leonie, Nocher-Route
STEPHANY Jean, Eschdorf
TERRES Theodore, Luxembourg
THIELEN Robert, Luxembourg
THILL Marcel, Niederfeulen
WAGNER Paul, Diekirch
Famille WALISCH-SCHMIT, Tadler
WALLERS Romain, Helmsange
WEIER-FEINEN Jeff, Kehmen
WELTER Claudine, Heiderscheid
Famille WELTER-SCHILTZ, Heiderscheid
Famille WIETOR-PAX, Mersch
Famille WISELER-SCHIERTZ, Heiderscheid







# *Liste des donateurs*

ANEN Jean, Roullingen
Famille AREND-LEYDER, Wincrange
Famille BERKEL-BAELEMANS, Bockholtz
BOLMER Brigitte, Nagem
BOLMER Roger, Mertzig
BREISCH-HARTERT M., Rumelange
BUCHHOLTZ-GONDERINGER Jeanny, Vichten
CLESEN Mireille, Colmar-Berg
DAY Dieter, Besch (D)
DIEDERICH Carmen, Everlange
DONCKEL Nicole, Heiderscheid
Famille FUSENIG-SCHMIT, Heiderscheid
GEIB Nicole, Mettendorf
GLEIS Carlo, Mertzig
GLEIS Monique, Strassen
Famille GOMES SANTOS SILVA MONTEIRO, Heiderscheid
HILGER Agny, Schieren
HUBERTY Paul, Mondercange
JUNGBLUT Aly, Reckange-Mess
KLEIN-BICHEL Gilbert, Drauffelt
KUFFER Romaine, Eschdorf
LAHIRE-CLEES Albert, Heiderscheid
Mme LINSTER-SCHOLTES, Heiderscheid
MAQUIL Andrée, Luxembourg
MARTH-CUKA Sonja, Nospelt
MATTIOLI Brigitte a LELINSKI Pascal, Heiderscheid
MERSCH Denise, Grümmelscheid
MERTENS Ben, Esch-sur-Sûre
MERTENS Lynn, Esch-sur-Sûre
NICKELS Aloyse, Eschdorf
ROELL Ewald, Oetrange
Famille SCHARTZ-SLIEPEN, Vichten
SCHMIT Georges, Bissen
SCHMITZ Jean-Paul, Ettelbruck
SIEBENALER Pierre, Tadler
SIMON René, Oetrange
SLIEPEN Diane, Ringel
SLIEPEN Ronny, Nocher-Route
SLIEPEN Tom, Ringel
Famille SLIEPEN-EVERARD, Strassen
WEIBEL Armand, Hierheck
WEIBEL Serge, Hierheck
WEIBEL Tania, Hierheck
WEIBEL Yvette, Hierheck





*Mir soen Eech Merci fiir Äer Opmeerksamkeet an wënschen äis,*
*Eech bei der enger oder annerer Manifestatioun*
*vun der Heischter Musik erëmzegesinn.*



IMPRIMERIE exe Ettelbruck ✆ 81 19 53